N°3726
Entrée le 19.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°3726 vum 05. März 2026 vun der éierbarer Deputéiert Stéphanie Weydert betreffend dem "bilan des SME Packages depuis 2019 et soutien aux PME au Luxembourg"**

1. **Wéi vill Accorde SME Packages huet de Wirtschaftsministère am Ganzen säit 2019 ënnerschriwwen?**

Zënter 2019 huet de Wirtschaftsministère am Ganzen 2.138 SME Package-Accorden ënnerschriwwen, dorënner och déi aus der fréierer Versioun vum Programm, ewéi Fit 4 Digital Packages, Digitalt Handwierk, ESR Label an aner vergläichbar Initiativen.

2. **Wéi vill pro Kategorie?**

Vun den 2.138 ënnerschriwwene SME Packages zënter 2019 sinn et 57 am AI, 13 am Cybersecurity, 1.909 am Digital, 52 am Service a 77 am Sustainability, zousätzlech zu 30 Packages an Kategorien, déi haut net méi existéieren.

*Déi follgend Informatioune bezéien sech op d'Period säit Enn 2022, zënter datt d'Moossnam offiziell ënnert der Bezeechnung „SME Packages" gefouert gëtt :*

3. **Wéi vill pro Kanton wou de Betrib ugesidelt ass?**

Den Detail pro Kanton stellt sech wéi follegt duer :

| Kanton | Unzuel un Demanden |
|---|---|
| Capellen | 167 |
| Clervaux | 142 |
| Diekirch | 64 |
| Echternach | 67 |
| Esch-sur-Alzette | 316 |
| Grevenmacher | 115 |
| Luxembourg | 539 |
| Mersch | 52 |
| Redange | 39 |
| Remich | 61 |
| Vianden | 9 |
| Wiltz | 43 |

4. **Aus wéi enge Secteuren gouf op dës Packagen zeréckgegraff a wéieng Mesure goufen am Meeschten ëmgesat?**

D'Entreprisen, déi op dës Packagen zeréckgegraff hunn, kommen aus enger grousser Villfalt vu Secteuren. D'Verdeelung no NACE-Secteur stellt sech am Detail wéi follegt duer:

| Code | Designatioun | % vum total |
|---|---|---|
| A | Agriculture, sylviculture et pêche | 0,7 |
| C | Industrie manufacturière | 4,9 |

| | | |
|---|---|---|
| D | Production et distribution d'électricité, de gaz, de vapeur et d'air conditionné | 0,1 |
| E | Production et distribution d'eau; assainissement, gestion des déchets et dépollution | 0,1 |
| F | Construction | 20,9 |
| G | Commerce; réparation d'automobiles et de motocycles | 20,5 |
| H | Transports et entreposage | 1,4 |
| I | Hébergement et restauration | 9,7 |
| J | Information et communication | 5,2 |
| K | Activités financières et d'assurance | 0,8 |
| L | Activités immobilières | 4,4 |
| M | Activités spécialisées, scientifiques et techniques | 17,7 |
| N | Activités de services administratifs et de soutien | 5,4 |
| P | Enseignement | 3,1 |
| Q | Santé humaine et action sociale | 0,8 |
| R | Arts, spectacles et activités récréatives | 1,2 |
| S | Autres activités de services | 3,0 |

D’Mesure, déi am meeschten ëmgesat gouf, ass den SME Packages – Digital.

**5. Wéi grouss sinn d’Betriber an der Moyenne, déi op dës Packagen zeréckgräifen?**

An der Moyenne sinn 91 % vun de Betriber, déi op dës Packagen zeréckgräifen, kleng Entreprisen, wärend 9 % mëttelgrouss Entreprisë sinn.

**6. Wéivill Euro hunn d’Betriber déi den SME Package ugefrot hunn an der Moyenne investéiert a wéivill finanziell Ënnerstëtzung hunn se an der Moyenne kritt?**

An der Moyenne hunn d’Entreprisen, déi en SME Package ugefrot hunn, 11.617 Euro investéiert a kruten eng finanziell Ënnerstëtzung vu 7.848 Euro.

**7. Wéivill Euro goufen zënter 2019 all Joer iwwer d’SME Packagen un PME’en ausbezuelt a wéivill PME’en wore pro Joer concernéiert?**

2023 goufen 1,2 Milliounen Euro un 258 PME’en ausbezuelt, 2024 waren et 1,2 Milliounen Euro fir 231 PME’en, an 2025 2,2 Millionen Euro fir 371 PME’en. 2026, bis Mëtt Mäerz, goufen 0,6 Milliounen Euro un 62 PME’en ausbezuelt.

**8. Gëtt doriwwer nogeduecht, d’Offer u Packagen weider auszedeenen?**

Am Mäerz 2025 gouf d’Offer vun den SME-Packagen ausgebaut. De Wirtschaftsministère huet dës Packagen erweidert, fir dem wuessende Besoin am Beräich vun der kënschtlecher Intelligenz an der Cybersécherheet bei den Entreprisen gerecht ze ginn. An deem Kader goufen d’SME-Packagen fir AI an Cybersécherheet agefouert. De Ministère evaluéiert permanent d’Offer vun de verschiddene Packagen, fir sécherzestellen, datt se de Besoine vun den Entreprisen entspriechen. Am Moment ass awer kee weidere Package geplangt.

Luxembourg, le 19/03/2026

Le Ministre de l’Économie, des PME, de l’Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles